QP N°2071

CSV FRAKTIOUN

REÇU
Par Christine Wirtgen, 11:18, 22/04/2020

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**
**Lëtzebuerg, den 22. Abrëll 2020**

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech lech des parlamentaresch Fro iwwert de landwirtschaftleche Mazout un den Här Landwirtschaftsminister an un den Här Finanzminister weider ze leeden.

Duerch Präisfluktuatiounen op den Uelegmärt, hunn och Präisser op den Uelegproduiten zu Lëtzebuerg an de vergaangene Wochen e puer mol variéiert. An dësem Kontext fält op dass de Präis fir de Mazout fir an Heizung säit dem 17. Abrëll bei 0,352 Euro de Liter Tva inclus läit (≥ 1500l ). De landwirtschaftleche Mazout fir an Maschinne läit sengersäits bäi 0,434 Euro de Liter Tva inclus. Dat ass eng Präisdifferenz vun 8,2 Cents de Liter.

An dësem Kontext wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister an dem Här Finanzminister folgend Froe stellen :

- Wei ass déi Präisdifferenz vun 8,2 Cents de Liter ze erklären?
- Firwat ass de landwirtschaftleche Mazout méi deier wéi de Mazout fir an Heizung?
- Firwat gëtt de landwirtschaftleche Mazout mat engem TVA -Saz vu 17% besteiert an de Mazout fir an Heizung nëmme mat 14%?
- Gedenkt Regierung den TVA-Saz fir de landwirtschaftleche Mazout no ënnen unzepassen?
- Wa nee firwat net?

Här President, ech biede lech mäin déifste Respekt unzehuelen.

| Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, 8 |
|---|
| Référence: 200/20 |
| 22 AVR. 2020 |
| A traiter par: |
| Copie à: |

**Martine Hansen**
**Députéiert**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 22 avril 2020

Objet : Question parlementaire n° 2071 du 22.04.2020 de Madame la Députée Martine Hansen - Prix du mazout agricole

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 832x12ad3

Luxembourg, le 26 mai 2020

**Concerne :** Question parlementaire n° 2071 du 22 avril 2020 de Madame la Députée Martine Hansen concernant le prix du mazout agricole

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint une réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Pour le Ministre des Finances,

Bob KIEFFER
Directeur du Trésor

144-000003-20040525-FR

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625
Adresse postale:
L-2931 Luxembourg
ministere-finances@fi.etat.lu
www.etat.lu

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Landwirtschaftsminister an Energieminister op d'parlamentaresch Ufro N°2071 vum 22. Abréll 2020 vun der honorabel Deputéierten Martine Hansen**

**<u>Fro 1 :</u>**

Den Heizungsmazout mat 10 ppm Schwiefel ass am Prinzip dat selwecht Produkt wéi den landwiertschaftlechen Diesel. Den Ënnerscheed am maximal Präis zwëschen dësen zwee Produkten erklärt sech duerch eng ënnerschiddlech Besteierung (Accisen an TVA) an doduerch dat beim landwiertschaftlechen Diesel Zousatzkäschten considéréiert ginn, déi duerch d'Obligatioun vun der Reduktioun vum CO2-Impakt vun den fossilen Carburant'en entstinn.

**<u>Fro 2 :</u>**

Am contraire zum Heizungsmazout applizéiert sech d'Direktive 98/70/CE "concernant la qualité de l'essence et des carburants diesel (...)" an d'Directive 2015/652/UE "établissant des méthodes de calcul et des exigences de déclaration au titre de la directive 98/70/CE" op Carburant'en déi fir landwiertschaftlech Maschinnen genotzt ginn. Fir déi obligatoresch europäesch $CO_2$ Zieler fir d'Carburant'en ze erfëllen, ginn dowéinst dem landwiertschaftlechen Diesel, wéi den aneren Carburant'en och, Biocarburant'en bäigemëscht. Déi zousätzlech Käschten déi dowéinst entstinn ginn an den Maximalpräis integréiert an dat erklärt firwat den landwiertschaftlechen Diesel méi deier ass wéi den Heizungsmazout mat 10 ppm Schwiefel.

**<u>Fro 3 :</u>**

D'Applicatioun vu reduzéiert TVA Tauxen ass am europäesche Recht vun der *directive 2006/112/CE du Conseil du 28 novembre 2006 relative au système commun de taxe sur la valeur ajoutée* (« TVA Direktive ») geregelt. Lëtzebuerg profitéiert beim Heizungsmazout vun enger Ausnameregelung, déi am Artikel 118 vun der TVA Direktive virgesinn ass.

**<u>Fro 4 & 5:</u>**

Et gëtt keng Méiglechkeet am Kader vun der TVA Direktive fir op landwiertschaftlechen Diesel en reduzéierten TVA Taux ze applizéieren.